# Zesumme mat de Gemengen fir méi bezuelbare Wunnraum

Léif Buergermeeschteren, Schäffen a Gemengeréit,

Zesumme mat ville Gemengen hu mir an de leschte Joren eng ganz Rei flott Projete realiséiert. Domadder hu mer et ville Leit méiglech gemaach, hei am Land, fir e bezuelbare Präis en neit Doheem ze fannen.

De bezuelbare Wunnraum ass a bleift hei zu Lëtzebuerg eng vun den Haaptprioritéite vun der Politik. Et ass awer och fir d'Awunner e wichtegt a sensibelt Thema. Op laang Siicht muss garantéiert sinn, datt eis Kanner a Familljen ëmmer en Daach iwwer dem Kapp hunn. Dës Responsabilitéit läit zu engem groussen Deel bei der Politik.

D'SNHBM géif gären iwwert dëse Wee de Gemengen hir Kompetenzen, hire Knowhow an hir Hëllef presentéieren an eng Méiglechkeet ginn, bei Intressi, mat hire Mataarbechter a Kontakt ze trieden.

An de leschte Joren huet d'SNHBM en extreme Wuesstem erlieft, an huet hir Produktivitéit vun 80 Wunnengen op iwwer 300 Unitéite pro Joer méi wéi verdräifacht.

D'SNHBM huet d'Méiglechkeet vill verschidde Projete gläichzäiteg ëmzesetzen an ass esou ee vun de gréissten Acteuren am bezuelbare Wunnengsbau zu Lëtzebuerg ginn.

D'SNHBM steet Iech als Promoteur public zur Säit fir Wunnengsbauprojeten ze entwéckelen an ze realiséieren. Mat eisen iwwer 100 Joer Erfarung si mir do fir Iech ze hëllefen an Är Projete vun A-Z ëmzesetzen an ze begleeden.

Hei e puer Beispiller:

- mir beroden Iech bei der Acquisitioun vun Terrainen
- mir entwéckelen zesumme mat Iech e Projet
- mir bauen Iech de Projet vun der Strooss bis bei d'Bréifkëscht
- mir vermëttelen d'Wunnengen u Keefer oder u Locatairen
- mir garantéieren Äre Bierger Prioritéit beim Kaf vu Wunnengen an Ärer Gemeng
- mir ënnerbannen all finanziell Spekulatioun um Terrain an op der Wunneng
- mir suergen derfir, datt eng Wunneng och à terme bezuelbar bleift.

Dëse grousse Spektrum u Fachkompetenz bitt de Virdeel, datt keng weider Aufgaben op Iech zoukommen. De globale Projet vum Ufank bis bei de Verkaf oder d'Verloune vun de Wunnenge gëtt iwwer d'SNHBM ofgedeckt.

Déi meescht Gemengen hu sech schonn engagéiert fir am Kader vum Pacte Logement 2.0 hiren Deel zum Schafe vun neiem Wunnraum bäizedroen. Mir sinn et gewinnt eng Hand mat unzepaken a Léisungen unzebidden an dofir sti mir och gären zu Ärer Verfügung fir Är Ziler emzesetzen.

## Dir sidd intresséiert oder hutt konkret Froen a wëllt méi iwwer d'SNHBM wëssen?

Dann zéckt net a kontaktéiert eis! De Gary Kolbach, Responsabel vum Service Projets Futurs ass Ären Uspriechpartner um 448292-648 oder iwwer projets.futurs@snhbm.lu.

Dir fannt och weider Informatiounen op www.SNHBM.lu

Mat beschte Gréiss

Guy Entringer
Direkter vun der SNHBM

Emile Eicher
President vum SYVICOL